# Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

## News

### 10.5.2015 Nach 4 Wochen!

10 **May** *2015*

An genee 4 Wochen ass et sou wäit. Den 7. Juni gi mir ofstëmmen.

Bis dohin mussen mir all nach vill Engagement weisen an ëm all Stëmm kämpfen.

Merci fir Iech all déi sech dofir asetzen. Zesummen hunn mir dem Nee eng Stëmm ginn an gewisen dass de Nee an der Mëtt vun der Gesellschaft läit.

Haut den Owend am RTL-Kloertext ass eng table ronde zum Referendum wou och nee2015 vertrueden ass.

Bestellt Pechbiller an Flyer per mail (kontakt@2015.lu) an deelt de Message weider.

Read more …

### 8.5.2015 Geet et beim Auslännerwahlrecht just dorëms fir Stëmmen ze fänken?

08 **May** *2015*

Politmonitor vun RTL an Wort: "Vun de Lëtzebuerger Residenten hu just 36 Prozent Vertrauen an d'Regierung"

"Bei den Auslänner, déi hei am Land liewen, ass d'Situatioun eng aner: Do stinn 50 Prozent hannert der Regierung"

weider mat "read more"

Read more … 8.5.2015 Geet et beim Auslännerwahlrecht just dorëms fir Stëmmen ze fänken?

### 7.5.2015 Eng knapp Majoritéit an der Chamber refuséiert en fairen Débat.

07 **May** *2015*

1) Mir begréissen dass d'CSV, d'ADR an déi Lénk gestëmmt hunn fir e fairen Débat. Déi Lénk hunn geschwat dovun dass dat selwecht schonn am leschten Referendum 2005 passéiert ass.

Weider liesen -->read more

Read more … 7.5.2015 Eng knapp Majoritéit an der Chamber refuséiert en fairen Débat.

## 7.5.2015. Eng Majoritéit ass fir de Nee!

07 **May** *2015*

Déi neisten Ëmfro weist dass eng Majoritéit fir de NEE ass.

Mä Ëmfroen sinn Ëmfroen. Mir leeën eis natierlech net zeréck.

Mir mussen weider maachen wei bis elo. Mir kämpfen fir all Stëmm!

Mä déi Ëmfro weist eis wat vill Leit eis och soen, si wëllen et net. An si weist dass mir déi politesch Mëtt sinn.

E groussen Merci un Är Ënnerstëtzung!

Schwätzt matt Ären Leit.

Bestellt Pechbiller an Flyer per mail (kontakt@nee2015.lu)

Wann dir eis wëllt mat engem Don ënnerstëtzen:
Konto: LU42 1111 7036 5416 0000 ccp
Numm: NEE ZUM AUSLANNERWAHLRECHT
Ären Numm gëtt selbstverständlech net veröffentlecht.
Villmools Merci fir Är Ënnerstëtzung.

weider Detailer: http://www.rtl.lu/letzebuerg/630440.html

Read more …

## 6.5.2015 Informatiounsversammlung zu Iechternach

06 **May** *2015*

(comments: 0)

Kommt haut, um 19:30, op Iechternach an de Festsall vun der Primärschoul.
Mir wäerten während 15 Minutten de Standpunkt vum Nee zum Auslännerwahlrecht vertrieden.

Duerno ass nach Débat wou d'Leit aus dem Publikum kënnen Froen stellen.

Grousse Merci un d'MEC asbl an d'Gemengen Consdorf, Echternach, Heffingen an Rosport fir d'Invitatioun.

Affiche

Read more … 6.5.2015 Informatiounsversammlung zu Iechternach